



**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1532 vum 18. November 2024 vum honorabelen Députéierten Tom Weidig zum Sujet "Contestation d'avertissements taxés"**

**Fro 1: Kann d'Regierung matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass, datt d'Leit de Formulaire fir Widdersproch géint e Parkprotokoll anzeleeën, net vun Ufank digital kënnen iwwer MyGuichet bezéien?**

D'Informatiounen op déi sech den honorabelen Deputéierte beriffen sinn net richtig. Jidderee kann eng Kontestatioun iwwer Courier, E-mail aleeën oder andeems een sech op engem Kommissariat presentéiert.

Déi meescht Kontestatioune ginn iwwer E-Mail agereecht. Et gouf deemno bis elo kee weidere Besoin festgestallt, well déi besteeënde Méiglechkeeten „userfriendly“ sinn an och vill genotzt ginn.

**Fro 2 an 3 : Wéi dacks hunn d'Bierger an de Joren 2018 – 2023 Widdersproch géint Parkprotokollen ageluecht? A wéi vill vun deene Fäll huet d'Police zu Gonschte vun de Bierger entscheet?**

D'Police féiert keng offiziell Statistiken zum Widdersproch géint Parkprotokollen.

Lëtzebuerg, den 4. Dezember 2024  
Den Inneminister  
(s.) Léon GLODEN